

Eng „facheg“ Saach

Hei an och anerwäerts ass ewell zënter op d'mannst 20 Joer laang dovun rieds gang, datt et **keng Schan ass, wa mir e Wuert aus enger anerer Sprooch eranhuelen**, wou eis Sprooch keen anert huet. Dees hu mir natierlech kéipweis, apaart aus dem Däitschen (Sicherung...) oder aus dem Franséischen (Trottoir...). Datselwecht géllt fir nei Wieder, déi bei äis wéi an anere Sproochen aus enger anerer, apaart dem Engleschen, eragelaf kommen (Computer, Mail,...). **Mir hu keng (politesch) Ursach, äis géint alles ze wieren, dat no Franséisch richt**; dat gehéiert nun emol bei den „3-spännege“ Charakter vum Lëtzebuergesch, ower!

Ower, ower: Do wou eis Sprooch „zënter Uedem an Éiv“ en Ausdrock hat an och nach haut huet, ass et **eng aremséileg Noléissegheet, wa mir z. B. op eemol eng „Ameis“, e „Maikäfer“, eng „Bouchée“, „Rog-nons“ asw. sollen hunn**, wou et dach eng Seejomes, e Meedéier, eng Paschtéichen, Eiercher guff a gétt. Sot emol ee mir, wat dat soll! Ass een da méi „modern“, maner „almoudeg“, net esou „museal“? Neen, just méi sprooch-liddereg... an d'meescht mat fuddelegen Ausrieden!

Dëser Deeg een, hunn ech da gelies, **e Bauer vu Viichten** hätt e Problem mat eise Kulturministère, well hien e Lach soll do gruewen, wou réimescht Gemaier a vläicht och nach en ongeheier historiesch-wertvolle Mosaik am Buedem leie giff. Iwwer de Fong doriwwer ze diskutéieren, ass hei an eiser „Sproocherei“ net d'Plaz... **mä wann et ower dann heescht, do soll eng „LAGERUNG fir GÜLLE“ hikommen**, da fällt engem d'Kap ower an d'Akai! Gitt vun Élwe bis op Beetebuerg a vu Rouspert bis op Habscht no deem froen, wat eis Gussen a Gissercher vu Flëssegem hannerloossen... a wat natierlech op e sëllege Manéieren e Problem fir de „Produzent“ ass. Eent ass ower doudsécher: Et ass keng GÜLLE! Frot dach emol bei engem Bekannte „vum Land“, dee laacht sech kromm, wann dir him vu Gülle schwätzt. Wann dir him ower eppes **vu PIFF oder vu „Maschtepull“** sot, da weess hien direkt Bescheid... a firwat soll dat dann an deem schéine Viichten no Gülle richen oder fachen (en 100 % lëtzebuergesch Ausdrock!), wann d'Stécker „gepiff“ ginn?

Hannen um Lampertsbiere sinn op der Kopp natierlech och Schwäin an der Zäit gehal ginn, déi „Mislerei“ vum Giss guff net grad alleguer mam „Piffaass“ dorémer geféiert. Dofir ass der e sëllege de Fiels erof gelaf, well do eng giedeleg Kaul war. Déi Plaz heescht nach haut „Piffkaul“... ower si huet haut e gaaanz feierlechen Numm: *Rue de l'Ordre de la Couronne de Chêne*. Ass dat dann naaischt?!

Am Eescht: **Bräichte mir net och eng „Gülle-Lagerung“ fir dee Sprooch-Piff, dee plazeweis an d'Mikroen oder an Zeitungen eraleeft?** Firwat gétt sech einfach vun offizieller Säit net drém bekëmmert, datt eis Leit, déi e Beruff an deem Streech wëlle maachen, d'Méiglechkeet kréien, d'Lëtzebuergesch zerguttst ze léieren. Dat wier net méi schwéier oder problematesch wéi eng aner kulturell Initiativ. Mir versuerge dach – mat Recht – alles, wat et dowäert ass, aus eiser Geschicht erhal ze bleiwen... **mä wéi ass et dann do mat engem vun den Haapt-elementer vun eiser historiescher Eegenart**, eiser lëtzebuergescher Identitéit. An eise INL, dem Sproocheninstitut, misst sech dach do eppes organiséieren a maache loosse!!!

Et ass dach esou schéin, geldir

Wann een e Projet kann *ugoen*; wann een eng *beandroekend Leeschtung* bréngt; wann de Frank de Peloton *anhëlt*; wann e Coureur e *Réckstand* guttmécht; wann een eng Strooss *iwwerqueert*; wann een *d'Besuergnes* vun aneren deelt; an en Zuch *steigt*; *zréckgëtt*, *zréckfiert*, *zréckkënt*; en Haus *astand* sëtzt; bis *Mëtternuecht* opleift; sou villes sech *lount*. **Muss dat sinn?**

Referendum, Identitéit... a Sprooch!

Et geet natierlech virum Referendum am Juni e sëllege rieds vun eiser IDENTITÉIT. Iwwer d'Stëmmrecht selwer hale mir äis hei net op; dat muss jiddereen, mat all deem, wat och ewell hei doriwwer gesot a geschriwwen guff (zënter 22 Joer!), vrun allem „gemengt“ ginn ass, mat sech perséinlech ausmaachen.

Ass et „EISES“ oder net, wa mir soen, et giff een sech *es net zoukommen* – den deesen oder dee giff äis *net goen* – en Typ giff *sech mengen* a seng Fra wier e *vermengtent Bëtschel* – *de Bréifdréier* wier nach *net erduerch* – den Noper wier *all Dag matzäit um Dill* – *dee verbruete Soff* wier *gelantert* ginn, *hätt de Sak kritt*, mä dat giff *näischt déngen*, *well hie giff sech es gutt stoen* – deen an der KLACK giff sech einfach *net ginn an drunhale wéi de Geck un de Bengel* – de Mann hätt *d'Strass wéi an hie giff sech zurecks schnuddelen* – de Josy an d'Annette giffe *matenee goen*, mä et wier net *dowäert* bei den Här ze goen, si giffen dat selwer *an d'Rei maachen*. **An da probéiert dir dat emol an eng aner Sprooch z'iwwersetzen. Wetten, datt...**



vum Lex Roth

(Zeechnung: O. Jaminon)

Eis getéitschte Sprooch

Wann een eng zerguttstert Liewer huet, déi genuch Gal fir d'Verdauung, produzéiert, da sinn d'Gackelcher net nëmme eng genëseg, mä och **eng gesond Saach... wann se mat Verstand gebraucht ginn...** dat géllt natierlech dëser Deeg ganz apaart. Et erënnere sech der nach vill vun äis drun, datt et eng Gellegt war, wa mir mat den Eeër técke konnten, an déi ganz Geschéckerlech äis déi schéinsten Ouschtereer esou séier zertéitscht hunn, datt engem der net méi vill iwreg bliwwen sinn.

A propos „téitschen“: Et gétt deen Ausdrock och a verschiddene Formen anerwäerts, mä den allgemenge Gebrauch geet an eiser (getéitschter) Sprooch **vill méi wäit an d'Breet**; si huet esouguer en „Dingwort/Substantiv“ draus gemaach, an aus dem „Participe passé“ ass e flotten Adjektiv ginn (getéitschten Auto)... dat ass zimlech eemoleg, fir net ze soen „typesch“. Wann en Ee getéitscht ass, da kënt een och nach soen, et wier „gekrächt“, wat jo vu „kraache“ kënt, wou dann och „kréckelen“ net wäit ewech ass... Dat alles ass eng intressant a **kreativ Sprooch-Ofleedungs-Uluecht**, deer et e sëllege am Lëtzebuergesche gétt... esouguer intressant genuch fir eng Uni-Aarbecht.

Bei äis kréie laang net nëmme Eeër deer Téitschen; och en Auto kann der erwëschen, déi dann zimlech deier ginn. Een,dee gefall ass, huet dann och gär iergendwou Téitschen. Äppel, Biren oder Meloune mat Téitschen, déi léisst een aus gudder Grënn am Buttek leien. Et kann een och vun engem, deen net grad „liwweg“ an der Bëls ass, soen, hien hätt eng Téitsch an der Bëls.

Am selwechte Sënn kann ee roueg **behaapten, datt eis Sprooch all Kéier eng Téitsch erwëscht**, wann ouni Iwwerleees a muttwëlles friem Wieder oder esouguer ganz Sazfatze gebraucht ginn, déi d'Lëtzebuergesch guer net brauch. D'meescht kënt dat dovun, datt gemengt gétt, et wier méi blénkeg, feierlech... et ass just méi liddreg! Oder mengt dir vläicht, et wier ewell besser, wann ee seet, den Här XY hätt „d'Zigele“ fest an der Hand, aplaz vun der „Gitt“ oder einfach dem Seel ze schwätzen? Wat soll eng „Danksagung“ bréngen, wa „merci soen“ den normale Gebrauch ass? Et hëlt och bal kee méi anuecht, datt am Lëtzebuergesch näischt sech „lount“, mä héchstens „dowäert“ ass; datt e Projet net „ugaange“ mä einfach „ugefaang“ soll ginn; datt eng Traditioun op kee Fall „oprecht“ mä an der Riicht gehal gétt; datt e Joeresdag (Joerdag!) mat Sécherheet net „begaang“ mä „gefeiert“ soll ginn; datt een engem net „läit“ mä einfach net „geet“...

Dat sinn **elauter a villzevill deer Téitschen**, déi mir (dacks onbewusst) eiser klenger léiwere Sprooch maachen, déi dach e Stéck vun äis ass... an déi zugudderlescht eent vun de Mëttele ka sinn, äis matenee ze verstoen a verdroen. Iwwregens och eis auslännesch Leit, déi aus de verschiddenste Sproochgebitter kommen: dem Däitschen, dem Franséischen, Portugiseschen, Engleschen, Italiéineschem, Spueneschen, Slaveschen, Skandinaveschen asw.

Villmools merci, léif Chamber!

2017 gi mir als Vollek fir eng „opgefrëschte“ Verfassung stëmmen; **dëser Deeg konnt een an der Press liesen, datt d'Spezialcommissioun vun der Chamber hir Propositionen erausginn huet**, an, halt iech un... do steet eis Sprooch a beschter Gesellschaft mat deenen anere Symboler vun eiser Identitéit: eise Fändel, de Wopen an der „Heemecht“ als Nationalhymn! Dat verdéngt **en décken a waarme Merci** fir all déi Politiker, déi an de leschte Joeren a bis haut un deer ganz komplizierter Saach geschafft hunn.

Hei **an eiser KLACK stongen iwwer déi laang Zäit 48 kleng a manner kleng Artikele fir „Eis SPROOCH an d'CONSTITIOUN“ (Ceterum censeo)**, déi mir jo och als klengt Heft erausginn hunn; dofir maache mir an d'Membre vun der AL äis dann och e butzege Knuet an d'Nueschnappecht. Et ass dowäert, eng kleng Copie vum Text ze liesen!

Chapitre 1^{er}
– De l'Etat, de son territoire et de ses habitants
Section 1^{re}
– De l'Etat, de sa forme politique et de la souveraineté
Art. 1^{er}
Le Luxembourg est un Etat démocratique, libre, indépendant et indivisible.
Art. 2
Le Luxembourg est placé sous le régime de la démocratie parlementaire. Il a la forme d'une monarchie constitutionnelle. Il est fondé sur les principes d'un Etat de droit et sur le respect des droits de l'Homme. Il porte la dénomination de „Grand-Duché de Luxembourg“.
Art. 3
La souveraineté réside dans la Nation dont émanent les pouvoirs de l'Etat.
Art. 4
(1) La langue du Luxembourg est le luxembourgeois. La loi règle l'emploi des langues luxembourgeoise, française et allemande.
(2) L'emblème national est le drapeau tricolore rouge, blanc, bleu.
(3) La loi définit les armoiries de l'Etat.
(4) L'hymne national est „Ons Heemecht“.
Art. 5
Le Grand-Duché de Luxembourg participe à l'intégration européenne. L'exercice de pouvoirs de l'Etat peut être transféré à l'Union européenne et à des institutions internationales par une loi adoptée à la majorité qualifiée.